



An ech ginn lech ee grafft Rechebeispill: Wa mir Plazen ausschreiwen, wa mir eis Exame lancéiere fir d'Police, dann hu mer ronn 250 bis 300 Kandidaten, déi sech interesséieren. Da gëtt natierlech eng Selektioun um Dossier gemaach, ob se d'Konditioune respektéieren, fir kënne Polizist ze ginn. Duerno ginn d'Exame gemaach. Wa mer dann déi Examen hanner eis hunn, da si vun deenen 250, 300 der nach 80 bis 100 iwwreg. Déi maachen dann d'Sportstester, psychologesch Tester. Da leie mer bei ronn 60, déi iwwreg sinn. Déi schécke mer dann an d'Instruction de base, an do kommen der plus/minus 50 nach eraus. An déi 50, déi schécke mer dann zwee Joer an d'Police-Schoul. An am Endeffekt kréie mer eng 45, 50 Polizisten eraus, déi mer kënne vereedegen.

An de Problem, dee mer hunn, dat ass, dass ee jo kéint soen: 45, 50 nei Polizisten, dat ass jo schonn eppes. De Problem ass awer, dass mer elo an enger Zäit sinn, wou grouss Unzuele vu Leit an d'Pensioun ginn an der Police. Dat heescht, dass déi, déi nei bäikommen, heiansdo emol net méi - an dat ass d'Situatioun, an déi mer deemnächst wäerte kommen -, emol net méi déi kënne remplacéieren, déi a Pensioun ginn.

An do ass e Problem, un deem mer musse schaffen. Ënner anerem ass duerfir och d'Reorganisatioun vun der Police geplangt. Ënner anerem si mer jo duerfir amgaangen, eng Rei Auditen ze maachen, déi jo elo ugelaft sinn, fir ze kucken, zum Beispill - an dat ass och eng Fro, déi opgeworf ginn ass -, ob een net kann d'Poliziste méi entlaaschte vun hirer administrativer Aarbecht. An ech si ganz kloer där Meinung, dass een dat muss maachen, dass ee muss eng ganz Rei administrativ Aarbechte vun zivilem Personal an Zukunft regele loossen, fir domadder méi Leit fräizekréien, fir op den Terrain ze goen.

Mir si jo amgaangen, driwwer ze diskutéieren, fir d'CPen, d'Commissariats de police, zesummenzeleeën, fir déi méi effikass kënnen ze organiséieren, fir dass een doduerch och méi fräi Leit kritt, fir op den Terrain ze goen. Ech weess awer elo schonn, dass dat dote ganz vill Diskussiounen wäert gi mat de Gemengen.

A mäi Virgänger, den Här Halsdorf, weess, vu wat ech schwätz. Jiddwereen ass hei d'accord, dass ee se sollt zesummeleeën, fir doduerch eng besser Force de frappe ze hunn an doduerjer méi aktiv um Terrain kënnen ze sinn, mä wann et dann drëm geet, der Gemeng A hire Commissariat zouzemaachen, fir deen an der Gemeng B ze verduebelen, da geet d'Gestreits natierlech lass. Mä mir kommen net derlaanscht, Kolleeginnen a Kolleegen, fir déi doten Diskussioun ze féieren.

Et ass och esou, dass mer de Wunnperimeter ofgeschafent hunn, dass dat net d'Police manner effikass mécht, well Dir dierft net mengen, dass d'Polizisten doheem an hirer Stuff sëtzen a waarden, bis se geruff ginn, an dann aus hirer Stuff müssen op d'Kommissariat goen. Ech mengen, déi Leit, déi schaffen, an da si se op hirem Kommissariat. A wat geschitt, dat ass, dass natierlech emol a gréisseren Asätz e puer Kommissariater regroupéiert ginn, respektiv e puer op den Taktort geruff ginn. Mä, et ass awer am Prinzip net esou, dass mer d'Leit vun doheem aus der Stuff ruffen. Wa mer dat maachen, dann ass et wierklech a ganz extremen Noutfall.

Ech wëll awer och nach ee Wuert soen zum Platzverweis, zur Mendicité, zur Comparution immédiate, woubäi ech do vläicht just d'Remarque wëll ufügen: Et muss ee se emol fänken, ier ee se iergendengem ka virféieren, mä alles dat dote si Sujeten, déi Der muss dem Justizminister stellen. Déi ginn, mengen ech, iwwert de Kader vun der Heure d'actualité hei eraus.

Dat sinn awer absolut Sujeten, déi ee muss diskutéieren. An do kommen ech op een, dee mech dann och direkt, méi direkt concernéiert: Dat ass dee vum Ordnungsamt. Ech mengen, dass mer och déi Diskussioun jo amgaange sinn ze féieren, fir ze kucken: Loosse mer de Gemengen d'Méiglechkeet, gi mer de Gemengen d'Méiglechkeet, esou eng Aart, wéi nom däitsche Muster, Ordnungsamt anzeféieren, fir dass déi sech kënnen ëm ganz vill Akten, déi mat de Gemengen ze dinn hunn, Reglementer anhalen vun de Gemengen, fir dat ze observéieren, dass déi sech domadder kënne beschäftegen?

Domadder géife mer natierlech op där anerer Säit vill Fräiraum schafen op der Säit vun der Police, fir wierklech géint d'Kriminalitéit kënnen virzegoen, fir sech wierklech do méi drop kënnen ze konzentréieren. An ech menge wierklech, dass dat eng sënnavoll Geschicht ass. Mä och do kréie mer vill Diskussiounen, fir dass

mer net herno erëm eng zweet Police op d'Been stellen an dann dat, wat mer deemools gemaach hunn, wéi mer d'Fusioun vu Police a Gendarmerie gemaach hunn, wat - mengen ech - eng gudd Saach ass, dass mer dat domadder erëm ënnergruewe. Och do, mengen ech, kréie mer och mam Syvicol an deenen nächste Méint nach interessant Diskussiounen.

Ech wëll op alle Fall hei schléissen a soen, dass d'Police alles mécht, wat an hire Moyene steet, fir d'Leit ze protegéieren dobaussen, fir géint d'Cambriolagë virzegoen. Ech weess, dass meng Beamten alleguerten extrem motivéiert sinn, dass se extrem vill Asaz weisen, speziell, wéi gesot, déi, déi um Terrain sinn. An ech wëll hinnen, vun hei aus, an ech mengen, ech dierf dat maachen am Numm vun lech all, e grouse Merci soe fir hiren Asaz, deen net ëmmer ongeféierlech ass, am Intérêt vun der Sécherheet vun de Bierger an am Intérêt vun der Sécherheet vum Land.

Merci villmools.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Minister. Mir wäeren um Enn ukomm vun eisen zwou Aktualitéitsstonnen a géifen dann zum Rescht vum Ordre du jour iwwergoen. Als éischte Projet de loi hu mer de Projet 6612 um Ordre du jour stoen, an hei dréit et sech ëm de Beruff vum Kënschtler. An d'Wuert huet direkt de Rapporteur, den honorabelen Här André Bauler.

4. 6612 - Projet de loi relatif

1) aux mesures sociales au bénéfice des artistes professionnels indépendants et des intermittents du spectacle

2) à la promotion de la création artistique

Rapport de la Commission de la Culture

► **M. André Bauler (DP), rapporteur.** - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Madame Minister, an de leschte Wochen hat ech elo schonn e puermol op dëser Plaz d'Geleeënheet, d'Wichtigkeet vun der Kultur, souwuel fir eist Land, eis Identitéit an eis Gesellschaft ervirzesträichen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Wann ech gelift, lauschtert dem Här Rapporteur no! Merci villmools.

► **M. André Bauler (DP), rapporteur.** - Merci, Här President. Alldéngs gëtt et keng Konscht a Kultur ouni Kënschtler. Mir all sinn houfreg op eis Artisten, well si gehéieren zu deene Perséinlechkeeten, déi Lëtzebuerg dobaussen net nëmme bekannt maachen, mä déi virun allem weisen, dass eist Land nach méi ze bidden huet wéi seng international Finanz- a Medieplaz.

Eis Kënschtler, zemoos, wa se am Ausland tätég sinn, si kulturell Botschafter vu Lëtzebuerg, déi e wäertvolle Bäitrag zum Nation Branding vum Grand-Duché leeschten. Mir wëssen awer och, dass d'Kënschtler et net ëmmer einfach hunn, fir sech finanziell iwwer Waasser ze halen. An duerfir ass et ëmsou méi wichtig, dass mir dee bestehende Gesetzestext aus dem Joer 1999 iwwerschaffen.

D'Artisten an d'Intermittents du spectacle sollen op eng onkomplizéiert Manéier eng finanziell Hëllef ugebuede kréien, fir dass si, virun allem an den éischte Jore vun hirem Schaffen, eenegermoossen iwwert d'Ronne kommen oder am Laf vun hirer Carrière punktuell Hëllef kréien, fir schwierig Situatiounen ze iwwerbrécken.

Här President, ier ech méi am Detail op den Inhalt vun dësem dach awer technesche Projet de loi selwer kommen, wëilt ech fir d'Alleréischst kuerz op säin Historique agoen. Den initialen Text gouf nämlech den 12. September 2013, also nach während der leschter Legislaturperiode, vun der deemoleger Kulturminister Octavie Modert déposéiert.

Déi geplangte Reform hat véier grouss Objektiv: éischstens, fir déi fräischaffend Artisten an eiser Gesellschaft ze revaloriséieren an hinne méi Visibilitéit an der Effentlechkeet ze verschaffen, sollt een Titre d'artiste agefouert ginn.

Op dëser Plaz ass et och ubruecht, eng kleng Klammer opzemaachen a kuerz den Ënnerscheed tëschent Artist an Intermittent du spectacle ze erklären: Een Artist ass zum Beispill ee Moler oder Sculpteur, deen a sengem Atelier schafft a vun Zäit zu Zäit Ausstellungen mécht. Een Intermittent du spectacle dergéint schafft op Rechnung oder mat zäitlech begrenzter Kontrakter, wéi zum Beispill Maquilleusen oder Costumiären an esou weider.

Zweetens - dëst gesot, Klammer zou - besteet en zweet Zil vun dësem Text doranner, fir de jonken, diploméierte Kënschtler de Start an

d'Berufsliewen duerch spezifesch Moosnamen ze vereinfachen.

Den initialen Text huet och Begleetmoosname virgesinn, fir d'Artisten ze encouragéieren, sech weiderzuentwéckelen, fir esou ze vermeiden, dass den Däiwelskrees vun der Ofhängegkeet vu soziale Mesuren ufänkt a si doranner geroden.

Drëttens, den éischten Text gesäit ausserdeem vir, dass, wann et drëm geet, fir an de Genoss vu sozialer Hëllef ze kommen, souwuel d'Artiste wéi och d'Intermittents du spectacle an Zukunft gläich behandelt wäerte ginn. Duerfir gouf d'Residenzklausel och opgelackert.

Véiertens, nei Dispositiounen berücksichtegen bei der Ufro vun dësen sozialen Hëlfechen och de Fall, wou ee méi laang krankgeschriwwen oder am Congé de maternité war, respektiv vum Congé parental profitéiert huet.

Gläichzäiteg ginn duerch dës nei Dispositiounen awer och méiglech Mëssbräich verhënnert, andeems een déi verschidden Hëlfechen net cumuléiere kann. Am Ganzen hunn am Joer 2012 48 Kënschtler an 135 Intermittents du spectacle vun dësen Hëlfechen profitéiert, wat ee Montant vu ronn 1,7 Milliounen Euro uitgemaacht huet.

Här President, dat ass, wéi gesot, den Inhalt, de Contenu vun initialen Text, deen den 12. September 2013 déposéiert gouf an an den diversen Avisen, sief et deem vum Statsrot oder deem vun anere konsultativen Organer, kommentéiert an och kritiséiert gouf.

No de Wahle vum 20. Oktober 2013 huet déi nei Kulturministerin Maggy Nagel decidéiert, den Text ze iwwerschaffen an huet der Chamber den 1. August 2014 19 Amendementen eragereecht. An dësen Amendementen gouf och de Kritikce respektiv de formellen Oppositionen, déi de Statsrot a sengem éischten Avis formuliert huet, scho Rechnung gedroen.

Op dëser Plaz ass et net onwichtig ze ënnersträichen, dass d'Philosophie vum Projet geännert huet an deen neien Text nees méi un deen erukënn, deen elo nach a Kraaft ass. Dat heescht, et ass a bleift e Gesetz iwwer sozial Hëlfechen. Et geet engersäits drëm, fir den Artisten, déi sech etabléieren an nach net esou vill verdénge wéi een unerkannte renomméierte Kënschtler, eng finanziell Hëlfechestellung ze ginn, ënnert der Konditioun, dass si net méi véiermol de soziale Mindestloun fir net qualifizéiert Aarbechter verdénge, an anerersäits den Intermittents du spectacle eng finanziell Hëllef ze gi während där Zäit, wou se net schaffen, ënnert der Bedéngung, dass si mindestens 80 Deeg am Joer geschafft hunn.

De 14. Oktober dëst Joer huet d'Kulturkommission sech dunn eng éischte Kéier mat den Amendementen beschäftegt an den Avis complémentaire vum Statsrot vum 7. Oktober analyséiert, ier meng Weingegkeet de 4. November 2014 als Rapporteur genannt gouf.

An enger konstruktiver Zesummenaarbecht huet d'Kulturkommission d'Modifikatiounen eenzel duerchgehol. Nei am Gesetz ass virun allem, dass drop verzicht gëtt, den Titel vum Artist anzeféieren. De Statsrot hat a sengem Avis nämlech drop higewisen, dass deen Titel mat kengem präzise Recht verbonnen ass an ausschliisslech e formellen Titel wier. Ausserdeem waren d'Kënschtler selwer och net vun esou engem Titel beegeschtert, well si sech dee selwer duerch hir Konscht, hir Aarbecht verdénge wëllen. Am Intitulé vum Projet ass also d'Afféiere vum Titre d'artiste erausgehol ginn.

Derniewent koum et duerch d'Amendementen an duerch d'Avis vum Statsrot awer zu nach e puer wesentlechen Ännerungen am Verglach zum urspréngleche Gesetzesprojekt. Esou gëtt, éischstens, no enger Opposition formelle vum Statsrot d'Residenzklausel, déi risquéiert hätt, géint d'europäesch Recht ze verstoussen, ganz ofgeschafft an duerch eng Affiliatiounsklausel ersat. Am Kloertext bedeit dat, dass, wann een eng Hëllef wëllt ufroen, een op d'mannst sechs Méint virum Areeche vun der Demande muss bei der Sécurité sociale affiliéiert gewiescht sinn.

An dësem Text ginn och d'Differenzen tëschent engem Artist an engem Intermittent ofgeschafft, souwuel wat d'Affiliatiounskonditiounen wéi och d'Akomeslimit ubelaangt. Fir an de Genoss vun den Aiden ze kommen, muss een e Verdéngscht vun op d'mannst véiermol den onqualifizéierten Mindestloun opweisen hunn, während deem Joer virun der Demande.

Am Verglach vun initialen Text gëtt dann awer och d'Incompatibilitéit tëschent enger reng kënschtlerscher Aktivitéit an enger handwierklecher Aktivitéit nees agefouert. Souwuel de Statsrot wéi awer och d'Berufskummeren, d'Chambre des Métiers an d'Chambre de Commerce hate Problemer mat dëser Dispositioun, soudatt déi Incompatibilitéit, déi et jo

och haut am Gesetz vun '99 scho gëtt, bestoe bleift. An anere Wieder: De fräischaffenden Artist dierf, fir an de Genoss vun enger Sozialhëllef ze kommen, net och nach enger artisanaler Aktivitéit nogoen.

Op Urode vum Statsrot huet d'Kulturkommission och decidéiert, dass, wann een eng zweet Demande mécht, fir Sozialhëllef ze kréien, ee schlussendlech awer net muss beweisen, dass e méi verdéngt respektiv seng Aktivitéit weiderentwéckelt huet. Dës Konditioun war jo geduecht, fir ze vermeiden, dass d'Artisten an d'Kënschtler an d'Ofhängegkeet vu sozialen Hëlfechen falen. Well et awer schwierig ass, no objektive Kritären esou e Beweis ze erbréngen, gëtt elo dorobber verzicht.

Wéinst dem Dateschutz ass och den Artikel iwwert den Traitement vun de perséinlechen Donnéeën gestrich ginn, well de Statsrot keng Verbindung tëschent de verschiddenen Datebanke wëllt.

Eng aner Neierung an dësem Projet de loi betrëfft d'Commande publique oder déi sougenannten „Kunst am Bau“. Hei gouf decidéiert, aus budgetäre Grënn, fir de Seuil vun 800.000 Euro op 500.000 Euro ze fixéieren. Et muss een awer preziséieren, dass de Seuil vun 800.000 Euro an der Vergaangenheet bal ni erreecht gouf an dass ee mat 500.000 Euro awer nach ëmmer gréisser Projekte kann ënnerstëtzen.

Här President, all dës Upassungen a Vereinfachungen sinn am Interesse vum fräischaffenden Kënschtler. Artisten an Intermittents du spectacle solle gläich behandelt ginn a sech net mat onnéidege bürokratesche Barrieren erëmplee mussen.

De Kënschtler brauch och kee Gesetz, fir als Artist unerkannt ze sinn. Et ass d'Gesellschaft, déi him dësen Titel gëtt als Unerkennung fir säi Schaffen a säi Kënnen.

Mat dësen Changementen vum Gesetz vun 1999 passe mer eis de Realitéit vum Terrain un. Ech hunn elo just déi wesentlechste ernimmt; fir den Detail vum Projet verweisen ech op dee geschriwwene Rapport.

Zum Schluss, Här President, wëll ech awer och nach e Merci soen un d'Kolleeginnen a Kolleegen aus der Kulturkommission fir déi gudd Zesummenaarbecht am Kader vun der Elaboratioun an der Iwwerschaffung vun dësem Text. Merci wëll ech awer och soen de Beamten aus dem Kulturministère fir hir Explikatiounen an hir Prezisiounen.

Dëst gesot, ginn ech dann och den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei zum virleiende Gesetzesprojekt.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Rapporteur. Éischt ageschriwwen Riednerin ass d'Madame Octavie Modert.

Discussion générale

► **Mme Octavie Modert (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Härren, Kënschtler sinn, ass en honorabelen Beruff. E richtege Beruff, awer och eng Berufung. Kee Land a keng Gesellschaft ass komplett ouni Kultur, ouni Artisten a Kulturschaffender, déi déi néideg fortschrëttlech Iwwerleeungen an innovativ Kraaft abréngen, fir d'Gesellschaft virunzebréngen.

Kultur ass keen Dekorationszweck, a Kënschtler sinn net just Dekorateur. Mat dësem Gesetz sollt si och eng effentlech Unerkennung kréien.

Eist Land brauch professionell an onofhängeg Kënschtlerinnen a Kënschtler. Mä de Kultursecteur ass fragil an de Kënschtler hire Statut ass prekär.

Fräischaffend an haaptberufflech Kënschtler hunn et grad an engem klengen Land nach manner einfach, fir vun hirem Beruff liewen ze kënnen. Dofir ass et esou wichtig, fir hinnen hir sozial Ofsécherung, besonnesch a ganz prekäre Situatiounen, ze verbesseren.

Dofir wäert d'CSV dëse Gesetzesprojekt stëmmen: Well mat deem Text, esou wéi en elo virläit, eng wichteg Verbesserung séier a Kraaft triede kann, an zwar, dass d'Zäite vu Congé de maternité, Congé parental, längere Krankengongé an esou weider, agerechent ginn an déi virgesinne Virlafzäit, fir d'Hëlfechen unzefroen. A well d'CSV net einfach aus Prinzip géint en ofgeännerten Text vun der aktueller Kulturministerin stëmme wäert. Mir wäerten et och net maache wéi 1999 bei der Aféierung vum Statut vum Artist, wou d'DP sech enthalten huet an déi gréng dergéint gestëmmt hunn.

Mir stëmmen dëst Gesetz, Här President. Alldéngs hätt d'CSV et begreist, wann de Projet méi wäit gaange wär. Mir bedauern, dass eng Rei Saache feelen an erausgehol gi si vis-à-vis vun der déposéierter Versioun, an dass ganz wéineg Innovéierungen an nei Iwwerleeungen an deem Text, wéi en haut virläit, drassinn, mä



en esou wäit op seng Portion congrue reduzéiert ginn ass, ouni Ambitiounen, ouni Visiounen. Et ass e konservative Projet ginn, sécher.

D'Madame Minister wäert soen, datt hire Ministère just op d'Avisen zum initiale Projet reagiert huet. Allerdéngs hätt een e bëssen Afallsräichtum un den Dag leeën däerfen, amplaz einfach alles ersatzlos ze sträichen, a méi Courage weise kënnen. Well, Dir Dammen an Dir Hären, d'Konscht soll zum Beruff kënnen ginn an net, datt et eng Konscht muss sinn, fir dese Beruff ausüben ze kënnen!

De Rapporteur André Bauler, deem ech Merci soe fir säi Rapport, huet ganz flott de Fonctionnement vum Régime exposéiert. Dofir beschränken ech mech op eis Haaptuleissen an Haaptkritikpunkten.

Mir bedauern, datt bei de Jonke keng Regeln, fir déi jonk Kënschtler extra ze férdere, agefouert ginn. Et ass sécher mat dee wichtigste Punkt, datt e Jonke sech muss entscheede kënnen, fir fräi- an haaptberuffleche Kënschtler ze ginn. Et ass mat dee wichtigsten Aspekt vun der Kulturpolitik, déi Jonk ze ënnerstëtzen. Mir sollen d'Eraklammen an déi professionell Aktivitéit ënnerstëtzen, fir Jonken dës Entscheedung ze erliichteren an ze vereinfachen.

Grad am Ufank, wann een nach net bekannt ass, wann ee säi Wee zur artistescher Exzellenz eréischt untrëtt, ass et net einfach, vu senger Aarbecht, sengem Schaffen, senger Konscht ze liewen. Dofir fënnt d'CSV et immens wichtig, fir fréi a séier de jonken Artisten entgéintzekommen, hinnen ënnert d'Äerm ze gräifen, fir hir Professionaliséierung ze férdere.

Dofir versti mir och net, firwat elo nees jonk Diploméierter zwielef Méint amplaz sechs Méint (veuillez lire: sechs Méint - sou wéi am éischte Projet -) waarde mussen, fir hir Ufro ze stellen. Sechs Méint war méi plausibel. An et ass méi einfach, wéi wann ee komplett Ausnahmeregime fir déi Jonk, fir Berufseinsteiger, souzesoen, envisaégere géif. „Trau dech!“, heescht et dach esou dacks, fir d'Mënschen zur Selbststännegkeet ze encouragéieren. Eh ben, de Kulturberäich scheit sech net viru Risikorechtschaft a Verantwortung, esou wéi mir alleguer se ëmmer erëm an anere Secteure fuerdere, geschter nach hei op der Tribün an der Kompetitivitéitsdebatt.

An dofir, Här President, géif ech gär eng Motion hannerleeën, fir d'Regierung opzeruffen, wéinstens an Zukunft e verstärkten Augenmerk op dës Problematik ze werfen.

Motion 1

La Chambre des Députés,

considérant

- qu'il est important d'apporter un appui ciblé aux jeunes créatifs diplômés afin de faciliter leur passage vers une activité artistique professionnelle;

- qu'il est essentiel de prévoir des règles spécifiques en faveur des jeunes artistes;

- qu'il est indiqué de soutenir ainsi leur professionnalisation;

invite le Gouvernement

- à évaluer dans deux ans, si la période de douze mois précédant la demande d'aide pour les personnes qui peuvent se prévaloir d'un diplôme de niveau universitaire ne s'avère pas trop longue pour les jeunes artistes;

- le cas échéant, à modifier l'article 5.6 afin de raccourcir la période de douze mois précédant la demande d'aide à six mois telle que prévue par le texte initial du projet de loi 6612.

(s.) Octavie Modert.

Eis Motioun ass natierlech op fir jiddwereen, dee se mat ënnerschreiwé wëllt.

Ech hätt mer iwwregens och virstelle kënnen, an aner Kollegen och, datt een zousätzlech d'Stagezäit vun netdiploméierte Kënschtler ugepasst hätt, déi elo op dräi Joer läit. Zweek Joer, vläicht nach manner, géifen duergoen. Ech bedauern, datt de Virschlag an der Chamberskommissioun kee Gehéier kritt huet.

Eng aner Konditioun, déi fir eis wichtig ass, fir datt d'Kënschtler sech kënnen entwéckelen, ass, d'Mobilitéit ze férdere. Fir sech artistesch virunzeentwéckelen, dat ass e wesentlechen Aspekt, muss en Artist onbedéngt iwwer seng Nues erauskucken, aus sengem Kokon erausklammen, iwwert d'Grenze kucken a goen. Dat zielt natierlech ëmsou méi an engem klengen Land wéi eisem. Fir Lëtzebuerg ass d'Mobilitéit vun de Kënschtler dofir nach méi wichtig. An déi Mobilitéit muss an d'Ausland goen.

D'Mobilitéit muss och méi sinn, wéi déi eng oder aner Kéier vu Lëtzebuerg aus am Ausland Ausstellungen, Optrëtt, Liesungen, Concerten, Opféierung maachen ze kënnen. Mä fir sech kënschtlersesch weiterentwéckelen ze kënnen,

muss een och alt eng zesammenhängend Zäit am Ausland sinn a liewen. An dohier wär et wichtig, datt een d'Residenzklausel, fir éligibel ze si fir d'Aiden, aneschtlers gestalt hätt an domadder erlaabt hätt, an der eigentlecher Referenzperiod länger, wann och net permanent, Openthalter am Ausland ze maachen.

De Statsrot huet eng Opposition formelle hei op deser Klausel gemaach. Allerdéngs kann dat een erstaunen, well mir hunn déiselwecht Regel schonn haut am Gesetz iwwert d'Ausländerwahlrecht stoen. Déi uviséiert Disposition hätt jiddefalls méi Transparenz a méi Eierlechkeet erabruecht. Schued!

Ee weidere wichtige Punkt wär de Cumul mam Droit d'établissement a ganz spezifischen Hissichten, an zwar besonnesch bei der Kreativindustrie an dem Design. Wéi soss wëlle mer deser zukunftsweisender Spart Hëllef kënnen, well dese Beräich ass nach laang net an allen Hissichte gläichgestalt mat aneren, gläich ugesi mat méi klassesche Beruffer, déi dem Néierloossungsrecht ënnerleien, och net an deenen hire spezielle Förderregime.

Sécher, d'Kummeren an de Statsrot hunn dat net guttgeheescht. Dat hat de Statsrot iwwregens scho viru 15 Joer net. An awer hätt een hei mat méi Courage solle virgoen. Et gëtt nämlech verkannt, datt mir et hei mat enger Zort hybride Beruffsbiller ze dinn hunn, déi dacks tëschent all Still falen, well se net den traditionelle Beruffsbiller oder handwierklechen Aktivitéiten op där anerer Säit entsprechen. Ausserdeem muss ee sech froen, wéi et bei den Intermittents hei ass.

Ech wëll dofir d'Regierung opfuerderen, subsidiairement wéinstens, op anere Pläng hei ze hëllefen. Da mussen dës Persounen och wierklech gläichgestalt gi mat allen aneren am Beräich vum Néierloossungsrecht an de Konditioun vum der SNCI an esou weider. Schliesslech därefe mer d'Bedeutung vum der Kultur an der Economie net vergiessen.

Iwwer Statut an Titel: Dir Dammen an Dir Hären, mam Titel ass et net ëm e staatlechen Agrément gaangen. Et ass als eng Unerkennung geduecht, datt Kënschtler sinn och e Beruff ass, an e respektabele Beruff. Méi schlëmm nach fannen ech, datt elo net nëmmen déi Dispositionen iwwert den Titel falegelooss gi sinn, mä datt carrément de Statut vum Artist gestrach ginn ass. Ersatzlos gestrach! Elo gëtt et kee Kënschtlerstatut méi. Sinn d'Artisten elo just nach Sozialhëllefempfänger a Bittsteller? Dat kënnen mir net novollzéien.

Just ee Wuert iwwert de Prinzip vum „silence vaut accord“, deen am ursprüngelech déposéierten Text stoung, elo erausgeholl ass, op dem Statsrot säi Gutachten hin. Wou ee sech awer Froe stelle kann, wann ee bedenkt, wéi ëmmer no administrativer Vereinfachung geruff gëtt a vu wéi enge Säiten aus an der Zäit haart no engem Paradigmewiessel an der Verwaltung geruff ginn ass, fir dese Prinzip anzeféieren.

Et wär wuel am Kontext vum deem Gesetz an der Praxis weineg zur Uwendung komm, well d'Verwaltung an dësen Dossiere gutt funktionéiert. Et wär och net dee wesentlechte Punkt gewiescht, natierlech, fir e favorable Klima fir d'Kreatioun zu Lëtzebuerg. An awer wär et einfach en Zeeche vu Respektéiere vum Artist a senger artistescher Leeschtung gewiescht.

Op deser Plaz wëll ech profitéieren, fir déi vill Aarbecht an Hëllef ze ernimmen, déi sech d'Mataarbechter am Kulturministère ëmmer maachen, fir den Artisten an Intermittents virunzehëllefen. Ech mengen, datt een dat och net soll vergiessen. Fërderung an Ënnerstëtzung heescht och, op se agoen, op se duergoen a mat hinnen denken a mat hinne virugoen.

Dir Dammen an Dir Hären, sécherlech hätt een, wann een esou vill eraushëlt aus engem Text, da profitéiere sollen, fir aner Gedankengäng ze féieren am Kader vum deem Gesetz, wéi zum Beispill iwwert d'Diffusioun, wéi zum Beispill iwwert de Mécénat, fir datt d'Gesetz méi Substanz kritt hätt.

Amplaz ass einfach d'Zomm an de Plaffong vun „Kunst am Bau“ erofgesat ginn, elo wou déi Kommissioun de Rythme de croisière fonnt hat. Si war zwar hannendran, mä et ass jo net, wéi wann d'Projeten net gemaach géife ginn; och wann hannendran heescht, datt se (veuillez lire: datt d'Aarbecht vum der Kommissioun) e bësse gehipt huet, an och, wann een natierlech nach Verbesserungen do ka maachen an envisagéieren.

Ech wollt d'Madame Minister och nach eppes aneres froen. Mir hunn an der Kulturkommission gesot kritt gehat, datt nach eppes un de Bourse geännert géif ginn. Ech wollt froen, ob si eis vläicht ka soen, wat do virgesinn ass vun Ännerungen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, eng ganz wichtig Verbesserung fir professionell

Kënschtlerinnen a Kënschtler wäert mat deem Text agefouert ginn, ech hat et scho gesot. An Zukunft wäerte Congé de maternité, Congé parental, Krankeschäi vu méi wéi engem Mount unerkannt ginn an der Period (veuillez lire: als Zäiten an der Virlafperiod), fir eng Demande op Hëllef stellen ze kënnen.

D'Artistinnen an d'Artiste kréien heimat ee ganz wichtige Schutz. Et ass esou wäit dat Eenzezt, wat Rescht bliwwen ass vum initiale Gesetzesprojekt. Awer dese Schutz ass extrem wichtig a gëtt eng besser Sécherheet. Et muss jo normal sinn, datt e Congé de maternité mat agerechent gëtt. D'Fraen däerfen net pénaliséiert ginn, well se erwaarden. Och am Fall vu Krankheet hëlleft dës nei Regel de Kënschtlerinnen a Kënschtler.

Mir wäerten also, Här President, dëst Gesetz, wéi gesot, matstëmmen, och wa mer bedauern, datt et en a-minima-Text ginn ass. D'CSV hätt begréisst, wa méi wäitféierend Iwwerleeungen dran agefloss wäeren, mat méi Courage, fir d'Kreativitéit an d'Kultur ze ënnerstëtzen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kann nëmmen en Appell lancéieren, datt de Räichtum, deen d'Kultur eisem Land an eiser Gesellschaft bréngt, unerkannt gëtt. An net, datt d'Kultur gläichbedeitend mat Räichtum u Problemer gëtt, Problemer mat deene Kënschtlerinnen a Kënschtler sech konfrontéiert gesi missten.

Ech soen lech Merci, och am Numm vum de Kënschtlerinnen a Kënschtler.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci der Madame Modert. Nächst Riednerin ass d'Madame Taina Bofferding.

► **Mme Taina Bofferding (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, „Kultur ass e Basiselement vun all demokratescher, oppener a solidarescher Gesellschaft“, esou steet et am Regierungsprogramm. Kultur ass keen Ornament, mä e Fundament, op deem eis Gesellschaft steet an op deem si baut. Fir d'LSAP ass et d'Aufgab vum der Politik, dës ze sécheren an ze stärken.

Kultur ass en Instrument vum der reflexiver a gestaltender Auseranersetzung vum Einzelnen an der Gemeinschaft mat sech a mat der Ëmwelt, an déi stänneg Selbstreflexioun vum der Gesellschaft iwwert d'Wärter an d'Standarden. Mir gesi Konscht a Kultur och als Avantgarde vum der Gesellschaft, e Versuchslabor fir déi grouss Trends, déi eis all betreffen. Kultur ass en zentrale Facteur vum der Imageentwicklung vum eisem Land, der Identifikatioun vum de Bierger mat hirem Land an der Groussregion a si constituéiert domat d'Grundlag fir d'Participationsbereitschaft um gesellschaftleche Liewen.

D'Kultur- a Kreativwirtschaft offréiere gutt Chancé fir wirtschaftleche Wuesstum, sozial Integratioun, souwéi och d'Kreativitéit an d'Wessenschaft op eng nei Manéier zesammenzebréngen.

D'Tätegkeetsfeld an d'Beruffsbild vum de Kënschtler an den Intermittents huet sech am Laf vun de Jore verännert. D'Beruffsgroop vum de Kulturschaffenden zeechent sech duerch Fräiheet, Selbststännegkeet an Individualitéit aus, woubäi tëschent dem Artist an dem Intermittent nach emol ze ënnerscheeden ass. De Kënschtler ass méi onofhängeg a ka selwer Initiativen huelen, wougéint den Intermittent meeschtens komplett dovun ofhängeg ass, fir ëmmer erëm Kontrakter ze kréien an e Stempel a säi Carnet, fir op seng Deeg ze kommen. Dat betrëfft zum Beispill vill Schauspiller, awer och virun allem vill Techniker am Film.

Trotz enger gewëssener Onsécherheet an oft gerénge Verdéngschaussichten, hält d'Zuel vun de Kulturschaffenden stänneg zou. Zwar hu sech d'Émsätz an de Gewënn an deser Branche positiv entwéckelt, mä nëmme weineg Kulturschaffend hunn dorunner och en Undeel. Vill kënnen net vun de Friichte vun hirer Aarbecht liewen a sinn an enger Situatioun, déi net hirer Ausbildung an hirem Talent entsprécht.

Flexibel Aarbechtszäiten a Beschäftigungsforme si fir vill Kënschtler per se net als negativ ze bewäerten. D'Konsequenze vum der zouhuelender Flexibiliséierung dogéint awer duerchaus schonn. Wann een eng kreativ Leeschtung bréngt, muss een d'Chance hunn, fir dës Leeschtung och adequat entlount ze kréien.

1999 ass d'Gesetz geschafe ginn, fir staatlech Kompensatiounszoulagen ze garantéieren, wann Duuschtstrecken ze iwwerbrécke sinn, déi kënnen virkommen. Dänzer, Museker, Schauspiller an Techniker zum Beispill sinn net dat ganz Joer ënner Vertrag. E Salaire kréie se just, wa se dann eben op der Bühn stinn, beim Dréi schaffen, eng Musekkompositioun ophuelen oder zum Beispill e Bild verkafen. Hei gëllt

déi allgemeng Regel um Aarbechtsmarché: Kee feste Kontrakt, kee geregelt Akommes. Wat och mat sech bréngt, dass déi prekär Akommessituatioun verschäerft gëtt duerch Lächer an der sozialer Ofsécherung.

Déi Kulturschaffend sinn, opgrond vun hirem niddregen oder carrément feelende Salaire, net an der Lag, aus eegener Kraaft Reserve fir Nouffäll oder fir d'Pensioun ze schépfen. Och d'Planbarkeet vun der noer Zukunft ass oft staark ageschränkt.

Dobäi wëll ech awer ervirhiewen, dass, wann eng Persoun aus der Konschtzeen grad kee Vertrag huet, dat net heescht, dass se da géif doheim sëtzen an d'Daiercher dréinen. D'Kënschtler schaffe konstant a fonctionnéieren net no Zäite vu moies aacht bis owes 17 Auer.

Wann awer déi Kulturschaffend vun hirer kënschtlerscher Aarbecht net méi kënnen liewen a keng aner wirtschaftlech Reserven, wéi Verméigen oder ähnlech, kënnen unzapfe goen, sti se virun de Méiglechkeeten, hir kënschtlersesch Aarbecht ganz opzeginn oder niewent der Konscht engem Job nozegoen, fir weiderhi kënschtlersesch täteg ze sinn. Déi éischt Optioun, säin Dramberuff opzeginn, wär extrem schued. Déi aner Méiglechkeet, duerch kleng Aarbechten eppes ze verdéngen, ass awer net zu all Moment ginn a schränkt ganz oft och d'Kreativitéit an. An dofir ass et wichtig, dass déi öffentlech Hand aspréngt, wann d'Existenz um Spill steet.

Als LSAP, déi sozial Gerechtegkeet a Solidaritéit als Grondwäerter vertritt, fille mir eis deene Leit verflucht, déi enger onsécherer a finanzieller Situatioun ausgesetzt sinn. An dofir ass et wichtig, dass d'Investitiounen bei de Kulturschaffenden selwer ukommen. Déi sozial Aiden erlaben de Kulturschaffenden net just, dass si zum Beispill Enn dës Mounts hire Loyer kënnen bezuelen, mä si kënnen sech an där Period och ganz hirer Konscht widmen a kreativ sinn.

Ech wëll awer och nach drop hiweisen, dass de Bénéficiairen hei keng riseg Zommen ausbezueelt ginn oder se onbegrenzt op staatlech Ënnerstëtzung kënnen zréckgräifen. Au contraire, déi sozial Mesur si souwuel an hirem Montant wéi och an hirer Dauer begrenzt.

Wéi viru 15 Joer d'Gesetz geschafe ginn ass, war d'Iddi net, per Gesetz Statskënschtler ze schafen, oder Leit, déi zum Beispill niewent hirem Beruff am Konschtberäich aktiv sinn, mat dese Mesuren eng zousätzlech Indemnisiatioun ze ginn. D'Iddi war, deene Leit ze hëllefen, déi sech haaptberufflech der Konscht verschriwwen hunn an duerch eng Rëtsch vun Ursachen net finanziell iwwert d'Ronne kommen. D'Gesetz huet deemools eng absolut Neierung fir d'Konschtliewen duergestallt, fir d'Kreativitéit vun de Kulturschaffenden ze férdere a si sozial ze encadréieren.

Nun, den Text, deen déi viregt Regierung proposéiert hat, war vun de Kulturschaffende wéi och vum Statsrot schaarf kritiséiert ginn. D'Kulturkommissioun huet vill un deem Text geschafft. An deen huet elo eng ganz aner Nues kritt. Ech ginn net op all d'Punkten an, déi geännert gi sinn oder déi zur Diskussioun stoungen, well de Rapporteur dat scho ganz ausgiebig gemaach huet an ech wëll op deser Plaz him och nach villmools Merci fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport soen.

Ech ginn elo just op eenzel Punkten an, déi fir eis als LSAP-Fraktioun wichtig sinn. D'Zil vun deem Gesetz war, eng besser Professionaliséierung vun de fräiberuffleche Kulturschaffenden anzeféieren. Den ursprüngelechen Text hat virgesinn, dass Kënschtler, wa se eng Erneierung vun hiren Aiden ufroen, nowiese mussen, dass hir Revenuen ëm 10% geklomme sinn. Fir eis war dës Konditioun net akzeptabel, well eng Augmentatioun vun de Revenuen, éischstens, net einfach ze erfëllen ass an, zweetens, kee Bewäis ass fir eng héichwäerteg professionell Aarbecht. Mir si frou, dass dës Konditioun eraus ass.

E weidere Punkt, dee geännert huet, ass de faméisen „titre d'artiste“, dee gestrach ginn ass. Sécher, e Gesetz fir den „statut“ oder „titre d'artiste“ kléngt méi flott wéi „mesures sociales“. Am Endeffekt ass den Titel awer just eng Bezeichnung, vun där déi Kulturschaffend u sech näischt haben, well un den Titel ware keng Rechter gebonnen. An et ass ze bezweifelen, dass domadder d'Roll vun de Kulturschaffende valoriséiert gi wär.

De Statut war ni als Wäertung geduecht, mä ka vun engem Artist ugefrot ginn, fir Hëllef ze kréien. Den „titre d'artiste“ dogéint war just eng iwwerflësseg staatlech Unerkennung, déi



am Endeffekt awer ouni Konsequenz an ouni Sënn gewiescht wär.

D'Leit aus dem Konschtsektor wollten deen „titre d'artiste“ net, an et ass richteg, op si ze lauschteren, well schliisslech wëlle mir si mat deem Gesetz uschwätzen.

Donieft ass et fir eis och wichteg, eng Gläichbehandlung vun den Artisten an den Intermittenten anzeféieren. Esou hunn déi Leschtgenannte missen eng Karenzzäit vun zwielef Méint respektéieren nom Auslafe vun de Rechter op Chômageentschiedegung oder RMG, ier se d'Indemnitéiten en cas d'inactivité involontaire konnten ufroen. Dës Karenzzäit war fir déi fräiberufflech Kënschtler net virgesinn. Duerfir ass decidéiert ginn, fir se bei den Intermittenten ze strächen, am Sënn vum Principe d'égalité de traitement.

Eng weider Neierung, déi dësen Text virgesäit an déi mer begreissen, ass d'Berücksichtigung zum Beispill vum Congé parental. D'Kënschtler an d'Intermittenté mussen jee no Situatioun Aktivitéitsperiode vun engem bis dräi Joer noweisen, fir kënnen Hëllef unzufroen. Wann déi Kulturschaffend an där Zäit awer net kënnen schaffen weinst engem Congé de maternité, Congé parental oder Congé d'accueil, da gëtt d'Berechnung vun der Aktivitéitsperiode während där Längt vun deem Congé suspendiert. Esou entsteet zum Beispill keen Nodeel, wann eng Artistin schwanger ass an de Congé parental wëllt huelen.

Fir d'LSAP ass dësen Acquis wichteg, well d'Grënnung vun enger Famill fir keen hei am Land en Nodeel soll sinn, egal a wéi engem Aarbechtskontrakt e sech befënt.

Weider si mer als Sozialisten der Meinung, dass Konscht och ëmmer en Deel vun der Stad- a Bauteplanung soll sinn. Art public ass net just en Instrument zur Kreatioun als Méiglechkeet, de Kënschtler en Auftrag ze ginn, mä et ass och e Moyen, fir d'Leit fir d'Konscht se sensibiliséieren, fir besonnesch déi mat Kreativitéit a Verbindung ze bréngen, déi selten e Kulturhaus oder Ähnlech besichen.

Mir verteidegen déi Richtlinn, dass bei öffentlechen Bauten ee bis 10% fir d'Création artistique soll virgesi sinn, a verstinn d'Bedenken zur Baisse ëm 300.000 Euro. „Kunst am Bau“ huet e puer Konschtoprojeten als Deel vun der Architektur gefërdert. Allerdéngs ass dëst net ëmmer konsequent ugewant ginn, wat schued ass, well mir hunn hei am Land vill Kreativer, déi Konstruktionsprojete gestalten a mat hiren Iddie kéinte beräicheren. Eiser Meinung no muss d'Abzëie vun de Kënschtler verstärkt an de Planungsprozess organiséiert ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, ofschléissend wëll ech nach emol kloer betounen, dass déi Kulturschaffend, ob Artist oder Intermittent, hir kreativ Iddie solle realiséieren kënnen, egal ob se selbststänneg oder ënner festem Kontrakt sinn. Si solle fair entlount ginn a gläichzäiteg d'Méiglechkeet hunn, bei soziale Risiken ofgeschéert ze sinn.

Mir gesinn an dëser Reform e Fortschritt. Et ass eng begleedend Hëllefstellung um soziale Plang an en Encouragement am Sënn vu konsequenter Fërdierung vun der kënschtlerscher Aarbecht.

De Choix, deen een trifft, senger Vocation nozegoen, sech der Konscht ze verschreiwen an de Wee vum hauptberufflechen Artist ze maachen, bleift weiderhi schwierig. Et ass eng perséinlech Décisioun, déi ee fir sech trifft. An duerfir ass et gutt, dass de Stat mat sengem sozialen Netz hëllef, wann ee Kulturschaffenden an enger Iwwergangszäit an enger méi schwieriger Phas ass. Bei allen Entwécklung muss garantéiert sinn, dass d'Kënschtler an d'Intermittenten hir Kreativitéit fräi kënnen ausliewen, ouni wirtschaftlech oder sozial ënnert d'Rieder ze geroden.

An dësem Sënn Merci fir d'Nolauschteren an ech ginn domadder och den Accord vun der LSAP-Fraktioun.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*. - Merci der Madame Bofferdig. Nächste Riedner ass den Här Claude Adam.

► **M. Claude Adam** (*déi gréng*). - Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir stëmmen haut e Gesetz, iwwert dat am Virfeld scho laang diskutéiert ginn ass an dat vun der viregter Regierung am September 2013 nach kuerz virun de Wahlen déposéiert gouf. Den Text gouf vun der neier Regierung amendéiert an ech huelen et scho virewech: Mir sinn der Meinung, dass duerch déi Amendementen den Text méi realitéitsno a besser ginn ass.

Am éischte Projet vun der aler Regierung war zum Beispill virgesinn, een Titre d'artiste anzeféieren, eng Aart Berufsbezeichnung als Artist. U sech ass jo un där Iddi näischt aussetzen. Et ass allerdéngs esou, dass deen Titre d'artiste, dee virgesi war, keen ee konkret Recht fir dee bruecht hätt, deen deen Titre kritt hätt. An d'Konditiounen, fir deen Titre ze kréien, waren och esou allgemeng gehalen, dass sech eigentlech keng Ausso dorausser iwwert déi Persoun erginn hätt, déi deen Titre kritt huet. Duerfir ass déi Iddi net zréckbehalte ginn a si gëtt och net mam Gesetz vun haut agefouert.

(**Mme Simone Beissel prend la présidence.**)

Den éischte Projet hat och eng Residenzklause virgesinn, déi op eng Opposition formelle vum Statsrot gestouss ass. Déi Residenzklause ass am neie Gesetz ëmgewandelt ginn an d'Konditioun, dass een op d'mannst sechs Méint muss zu Lëtzebuerg an der Sécurité sociale affiliéiert sinn an dass een en Engagement an der artistescher oder kultureller Zeen zu Lëtzebuerg muss hunn. Dat ass eng gutt Regelung, déi dem Artist an dem Intermittent déi néideg Flexibilitéit léisst, déi e brauch.

Wichteg ass och, dass d'Obligatioun, dass d'Revenus professionnels missten ëm 10% eropgoen vun deem Moment un, wou een eng sozial Hëllef kritt, fale gelooss ginn ass. Positiv ass och, dass mer spezifesch Regeln hunn, déi engem jonken diploméierten Artist den Zougang zu enger professioneller artistescher Aktivitéit erméiglechen. Mir hu gesot, deen Zougang, dee kéim eréischt no zwielef Méint.

Ech sinn am Prinzip - ech wëll elo net där Motioun virgräife vun der Madame Modert - schonn der Meinung, dass déi zwielef Méint richteg sinn. Et geet jo drëm, fir jonk Leit ze encouragéieren. Et geet awer wierklech och net drëm, fir se op e falsche Wee ze bréngen a se mat Versprechen op eng Schinn ze setzen, wou se dann net glécklech ginn dran.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Claude Adam** (*déi gréng*). - Wichteg ass och, dass mer mat dem Gesetz vun haut Dispositionen aféieren, déi et erméiglechen, dem Demandeur fir eng sozial Hëllef en eventuelle Congé de maladie oder e Congé de maternité oder e Congé parental unzerechnen.

Här President, ech ginn net op den Detail - Madame Presidentin -, ech ginn net op den Detail vun dësem Projet an. Ech soen dem Rapporteur, dem honorabelen Här Bauler, Merci fir säi gudden mëndlechen a schrëttleche Rapport. Hien huet mer duerfir déi Aarbecht ewechgeholl. Hien huet déi Detailler allegueren hei ausféierlech duerbruecht. Ech wëll duerfir fir déi gréng Fraktioun just dräi Aspekter am Zesummenhang mat dësem Gesetz undiskutéieren.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Kultur ass iwwerall a Kulturschaffender hu vill Profiler. Ganz rezent, virun enger gudder Woch, sinn zu Miersch am Centre littéraire d'Laureatë vum nationale Literaturconcours geéiert ginn. Gewonnen hunn zwee Professoren an eng Studentin. An der Kulturlandschaft gëtt et eng breet Palett vu Leit, déi engagéiert sinn, déi eng hauptberufflech, déi aner nieweberufflech. Dat mécht et fir déi eng net méi einfach, déi, déi et hauptberufflech maachen, dass kann awer och kee Jugend iwwert d'Aarbecht vun deenen anere sinn.

Déi Mesures sociales, déi mer mat dësem Gesetz stëmmen, dierften awer just fir déi a Fro kommen, déi de Beruff vum Kënschtler hauptamtlech maachen. A mir sinn och frou doruwwer, dass mer endlech dann dat neit Gesetz hei kënnen stëmmen.

Zweetens, nach eng Kéier: Kultur ass iwwerall. D'Mesure sociale au bénéfice des artistes professionnels indépendants et des intermittents du spectacle ass awer net iwwerall. Mir hunn et hei mat engem klengen Beräich vun der kultureller Zeen ze dinn. Mir maachen hei un éischter Stell ee Gesetz fir Professioneller, déi et schwéier hunn, finanziell iwwert d'Ronnen ze kommen.

Am Rapport steet, dass et 2012 48 Artisten an 135 Intermittents du spectacle waren, déi vu soziale Mesurë profitéiert hunn. Wann een d'Konditiounen an d'Montante bedenkt, déi hei am Spill sinn, gesäit een, dass et hei ëm eng Mesure geet, déi éischter am Beräich vun engem RMG läit wéi vun enger Indemnité de chômage. Am Rapport steet och, dass mer insgesamt 1.676.381 Euro un Aides financières am Joer 2012 un dës insgesamt 183 Leit ausbezueelt hunn. Dat wieren e bësse méi wéi 9.000 Euro pro Persoun. Och eng Moyenne mécht zwar hei net vill Sënn, ech soen de Chiffrer just, fir ze weisen, dass et sech net ëm enorm Chifferen handelt, déi hei am Spill sinn.

An dat bréngt mech zum leschte Punkt. Kultur ass iwwerall, oder: Ass Kultur iwwerall? Am Kapitel 3 vum Gesetz geet et ëm d'Promotioun vun der artistescher Kreatioun. Mir begreissen

et, dass mer Bourse schafen, déi artistesch Kreatiounen ënnerstëtzen, déi awer och kënnen fir eng Weiterbildung ugefrot ginn.

Wann de Stat oder eng Gemeng oder en Établissement public ee Gebai realiséiert, da muss eng Zomm tëschent engem an 10% vum gesamte Käschtepräis an d'Konschtwierker, déi am Gebai mussen integréiert sinn, investéiert ginn.

Mir stelle fest, dass mer de Montant, deen d'Acquisitionne vu Konschtwierker betrëfft, vun engem Maximum vun 800.000 Euro elo op e Maximum vu 500.000 Euro erfsetzen. Dat kënnen mer novollzéien. Dat léisst och nach ëmmer Spillraum genuch.

Ech hunn awer d'Gefill, wéi wa sech oft net un dës Regel gehale gëtt. Ech froe mech zum Beispill, wéi wäit dass sech eis Gemengen zu dëser Regel verflucht fillen. Ech mengen, et wier méi sënnavoll an am Interessi vun eis alleger, wann ee méi an d'Konscht an den öffentliche Gebaier géif investéieren an doduerch manner Sue misst fir sozial Mesurë fir Kënschtler bereestellen.

An da wëll ech och nach drun erënneren, dass et och nach eng Spart vu Leit gëtt, déi eiser Meinung no eng wichteg Aarbecht am kulturelle Beräich maachen. Ech denken do u Leit an Asblen, déi mat vill Engagement vun Zäit an och souguer vu Suen op enger bénévoler Basis un der Organisatioun vu Festivalen schaffen. Si hunn, souwäit ech dat verstanen hunn, net d'Méiglechkeet, vun enger Bourse d'aide à la création ze profitéieren. Kënnen mer hei och eng Méiglechkeet schafen, fir dass dës wichtige Apport am kulturelle Beräich bestoe bleift?

Am Numm vun der grénger Fraktioun begreissen ech och, dass mer an der Kulturkommission déi betreffend Avant-projets de règlement grand-ducal ausgedeelt kritt hunn, an ech bréngen den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi.

► **Une voix.** - Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*. - Merci dem Här Adam. Als nächste Riedner ass ageschriwwen den Här Fernand Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*). - Villmools Merci, Madame President. An, Dir Dammen an Dir Hären, mir hu vun deem Gesetz hei, wat den Här Bauler eis erkläert huet - an him e grouse Merci fir e ganz gudden Rapport -, elo schonn e puermol héieren, wéi et exposéiert ginn ass, duerfir ginn ech vläicht op déi Saachen net méi an a wëll mech op e puer Froe vläicht konzentréieren.

Dat Éischt ass emol, dass mer den Titel Artist net ageféiert hunn. Dat ass jo hei erkläert ginn, firwat mer dat net gemaach hunn. Mä ech muss mech awer heiansdo froen, wann een dat Gesetz da wëllt applizéieren, wéi een et genau interpretéiert, zum Beispill - in ratione materiae - mir soen: Dat Gesetz betrëfft net Kreatiounen wéi „Œuvres pornographiques, incitatrices à la violence ou à la haine raciale, apologétiques de crimes contre l'humanité et, de manière générale, contrevenant à l'ordre public et aux bonnes mœurs“.

Den Ordre public, do gehéiert fir mech och derbäi, dass zum Beispill national Symboler oder Monumenter net beleidegt ginn an dass eppes wéi d'Lady Rosa vu Lëtzebuerg sécher net éligibel wär, fir hei kënnen ënnerstëtzt ze ginn.

A wat d'bonnes Mœurs ugeet, do géif ech esou Œuvres, wann dat der sinn, ewéi „Cloaca“ oder aner Saachen oder d'Zerstéierung vun engem Piano, wéi mer et a leschter Zäit erlieft hunn, och net onbedéngt dorënner zielen.

Elo ass awer de Prinzip, dass mer dëst Gesetz nei faassen aus dem Joer 1999, iwwerschafft 2004 richteg, duerfir wäerte mer et als ADR dann och matstëmmen, well eben eng gewësse Rei vu soziale Verbesserungen fir déi Betraffen dra sinn, wéi de Congé de maternité, parental, de maladie an esou weider. Alles dat ass scho gesot ginn. Mä mir mussen awer eng Rei Froe stellen an notament iwwert déi Condition de résidence, déi suppriméiert ginn ass. Et gëtt elo eng Rei vu Kritären, fir kënnen éligibel ze sinn.

Mä et ass erëm esou ee Beispill vu vorausleiden dem Gehorsam. Et ass gefaart ginn, dass eventuell d'Europäesch Unioun do géif e Problem vun Ongläichbehandlung feststelle géintivwer Ausländer an da sinn do allgemeng - erga omnes - och fir Drëttstaatler déi Dispositionen hei éligibel. Et ass also iwwerhaupt keng Ennerscheidung no Nationalitéit oder no Wunnuert hei méi ginn. Dat geet ganz wäit.

An déi Fro, déi mir eis stellen, ass: Wéi ass dat dann am Ausland? E Lëtzebuerger Artist, deen zu Bréssel wunnt oder deen zu Paräis wunnt, kéint dee bénéficiéiere vun Hëlfe vu sengem Land, wou en da wunnt, also vun der Belsch oder Frankräich, esou generéis, wéi mir et hei

maachen, ouni Residenzklause, ouni Nationalitéitklause?

Dat ass eng Fro vun der Réciprocitéit. A wann een da sech, wéi hei, wéi mir, extrem grosszügig weist, da stellt sech awer och d'Fro, ob déi Lëtzebuerger, déi am Ausland wunnen an do als Artiste schaffen, ähnlech generéis behandelt ginn, wéi déi Leit, déi mir hei vun eiser Säit aus awer erfassen.

Den Titel, deen ass effektiv net ganz élogieux vum Gesetz. Mir hätten och léiwer deen alen Titel bäibehalen, wéi elo „aides sociales“ (veuillez lire: „mesures sociales“) do ze betounen. Mä gutt, mer kënnen dermat liewen.

An da muss een och da vläicht och deene Kriticken, déi vu verschiddene Berufsständern virbruecht gi sinn, awer och emol Rechnung droen. Et ass zum Beispill vum Artisanat beanstant ginn, dass hei net dierf eng Dispositioun ageféiert ginn, déi d'Konditiounen fir den Établissement géif contournéieren. D'Beispill vum Fotograf ass genannt ginn. An dat sinn awer wichtig Considérations.

Duerfir wëlle mer och ausdrécklech ënnerstëtzen, dass den Artisanat soll an deene Gremie vertruede sinn, déi Décisionen huelen an dësem Beräich, och fir all Abus ze verhënnern. Dat wäert iwwer Règlement grand-ducal gemaach ginn. Dee louch leider bei deem Gesetz net derbäi. An et wär awer gutt allgemeng an der legislativer Technik, mä och besonnesch an dësem Beräich, dass mer awer déi Règlements grand-ducaux géife gesinn, déi fir d'Applikatioun vun engem Gesetz geholl ginn. A vläicht kënnen mer dann an der Kulturkommission op jidde Fall déi Saach do weider verfolge, fir all eventuellen Abus ze verhënnern.

An da mussen mer och kucken, an dat sinn Observatiounen, déi d'Chambre de Commerce geholl huet, an och d'Chambre des Salariés, dass mer och nach eng Kéier de Statut vum Intermittent kucken an e vergläiche mat deem, wat an anere Länner, zum Beispill a Frankräich, existéiert, fir sécher ze sinn, dass awer dee Standard, dee mer hei zu Lëtzebuerg applizéieren, sozial vergläichbar ass, also op jidde Fall net méi schlecht ass, wéi dat, wat mer am Ausland elo hunn.

Mir haten och elo keng Statistiken, wou mer dat heite kritt hunn, och dass bedauerlech, a keng Fiche financière, jiddefalls keng, déi mir gesinn hätten. Et feelt och u Kritären, wat déi Bourssen ugeet. Dat ass eng aner Kritik, déi am Kader vun den Diskussiounen opkomm ass. D'Méiglechkeet, fir Bourssen ze ginn, déi ass hei virgesinn am Gesetz, dass och eng gutt Saach, déi mer ënnerstëtzen, mä et besti keng Kritären dozou. An do ass et vläicht awer och interessant, gewuer ze ginn, wéi d'Regierung dat da wëllt applizéieren.

Da besteet eng aner Gefor bei där Aide sociale, wéi bei all Aide sociale, dass ass, dass et fir verschidde Leit vläicht zu enger Däuersubventionéierung kënnt. Dat ass jo net de Sënn vum Gesetz. Dat ass net dat, wat bezweckt ass. An och do muss ee vläicht kucken, fir an der Praxis ze gesinn an ze evaluéieren no enger gewësser Zäit, ob déi Abwesenheet vun Dispositionen, wéi se elo diskutéiert ginn ass, also dass kee Progrès oder esou muss bewise ginn, dass dat awer op där anerer Säit net derzou féiert, dass do eng Dauerofhängegkeet vun esou Aide-socialen kann entsto.

Dat gesot, nach eng lescht Bemierkung, dass ass déi Wichtigkeet, fir d'Création artistique ze ënnerstëtzen. Mir haten dat och hei gesot, wou mer virun e puer Wochen iwwert d'Kultur diskutéiert haten, dass et an den Ae vun der ADR ganz wichteg ass, dass mer och e Gesetz kréien iwwer Sponsoring am Mäzenat. Dat ze organiséieren, dass géif eisen Artiste ganz vill hëllef. Si kënnen sech jo net nëmmen op dat heite Gesetz oder op d'Konscht um Bau verlossen. Mä et ass wichteg, dass och aner, net nëmmen de Stat, mä och de private Sektour do kann intervenéieren a grosszügig intervenéieren, fir eis Kënschtler ze ënnerstëtzen. An duerfir déi Ureegung vun der ADR, dass och nach ze maachen.

Dat gesot, wéi gesot, mir wäerten dëst Gesetz matstëmmen an ech soen lech villmools Merci.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*). - Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*. - Merci, Här Kartheiser. Dann ass et elo um Här Serge Urbany.

► **M. Serge Urbany** (*déi Lénk*). - Merci, Madame Presidentin. 1995, wou Lëtzebuerg jo fir d'éischte Kéier europäesch Kulturhauptstad war, dass war e Joer, dass war e bëssen en Déclenchement fir d'Lëtzebuerger Kulturzeen. Nieft der Kreatioun vun enger Rei vun noutwendegen a längst iwwerfälligen Institutionen, déi duerno geschafe gi sinn, war d'Kulturjoer jo och en Ausléiser vun enger gewësser kultureller Dynamik, déi och an dësem Land längst iwwerfällig war. Dëst huet och zu enger weiderer



Professionaliséierung gefouert vum Kulturmilieu. A wann ee seet „Professionaliséierung“, dat heescht och ëmmer méi Mënschen, déi mat der Konscht, aus der Konscht hire Beruff gemaach hunn, an dat heescht och d’Fro vun hirer sozialer Ofsécherung.

Éischt Schrëtt an déi Richtung waren d’Gesetzer vun 1999 an 2004, déi de Kënschtlerstatut an och de Statut vum Intermittent du spectacle geschafen hu mat jeeweilege soziale Rechter. Et ass deemools kritiséiert ginn, datt den Zougang dozou ze vill strikt reglementéiert wier an dass déi domat verbonne sozial Rechter alles anescht wéi grousszügig wieren. Et ass deemools kritiséiert ginn, d’Gesetzgebung nei ze evaluéieren an un d’Realitéit unzepassen. An, ech mengen, hei fänken och schonn d’Problemer fir eis u mat deem heite Gesetz, well et gëtt offensichtlech keng fundéiert Analys iwwert d’Auswierkungen a virun allem d’sozial Realitéit, déi haut besteet bei Kënschtler an Intermittents du spectacle.

Eises Wëssens ass och am Virfeld keng strukturiert Diskussioun mat deene Betreffene gefouert ginn. An duerfir huet och déi éischt Fassung vun dësem Gesetz, déi nach am September 2013 vun der aler Regierung déposéiert gouf, am Kulturmilieu fir heftig Kritik geuerget. Niewent punktuell Verbesserungen huet dëst Gesetz a verschiddene Beräicher nämlech wesentlech Verschlechterunge mat sech bruecht. D’Salariatskummer huet an hirem Avis duerfir och geschwat vun enger „certaine méfiance envers les artistes et intermittents“.

No den Neiwahlen huet dunn dës Regierung am Summer eng Rëtsch vun duerchaus begreissenswäerten Amendementen virgeluecht, déi dëst Gesetz op e puer Punkten entschärfen. D’Schafung vun engem Titel vum Artist ass zréckgezu ginn. En Titel, dee mat kenge konkrete Rechter verbonne war an och ni vun de Leit aus dem Kulturmilieu revendiquéiert ginn ass.

D’Obligatioun, fir nowiesen ze mussen, datt e Kënschtler tëschent enger éischter an zweeter Demande, déi e stellt, 10% zousätzlech muss verdéngt hunn, ass glécklecherweis och suppriméiert ginn. Gestrach gouf och d’Verpflichtung vun de Kënschtler, fir verschidde Mesures d’accompagnement imposéiert ze kréien, also eng Zort imposéiert Weiterbildung.

Dës dräi Beispiller beweisen, dass déi éischt Fassung vum Gesetz laanscht d’Realitéit gaangen ass vun de Besoine vun de Kënschtler an den Intermittents du spectacle. An et wier am Fong geholl just drëm gaangen hei, fir Leit, déi souwéisoou schonn immens bescheide Rechter hunn, nach weider an d’Gitt ze huelen, am-plaz se ze emanzipéieren. Dass d’Regierung dës zréckgezunn huet, begrësse mer also ausdrécklech.

Mä huet och déi nei Regierung wierklech iwwerpräift - wëlle mer froen -, awéiwäit déi al Dispositiounen aus de Gesetzer der Realitéit haut nach entspreche vun de Kënschtler, an awéiwäit déi nei Dispositiounen, déi jo elo agefouert ginn, och deene Besoinen entsprechen?

Well mir wëssen alleguer, dass d’Situatioun vun deene Leit, déi an deem Secteur schaffen, alles anescht wéi roseg ass. Et ass an deenen alermeeschte Fäll eng permanent Auseenansetzung Dag fir Dag mat der Prekaritéit, niddregen Honorairen a Cacheten op där enger Säit an eng berufflech Onsécherheet op där anerer Säit.

Zentral Froe vun der sozialer Realitéit ginn och eiser Meenung no an deem Gesetz hei ausgeklammert oder guer net traitéiert. An déi sozial Realitéit betrëfft awer a Wierklechkeet, dat steet och am Rapport dran, am Joer 2012 48 fräischaffend Artisten an 135 Intermittents du spectacle, dat heescht Artisten a Bühnentechniker, déi regelméisseg fir Organisateuren oder fir Haiser am kulturelle Beräich schaffen.

Menger Meenung no ass och d’Grenz onkloer an dësem Gesetz, déi gezu gëtt zwësche Leit, déi en CDD hunn, dat heescht, e präkäert Aarbechtsverhältnis hunn op där enger Säit, an e Contrat d’entreprise hunn, dat heescht, Selbststänneger sinn, op där anerer Säit. Dacks, menge mir, ass d’Verhältnis vun deene Leit alleguert, och vun deene sougenannten „Selbststännegen“ zum Optraggeber, de facto dat vun enger ekonomescher Ofhängegkeet, och vun enger ekonomescher (veuillez lire: juristescher) Subordinatioun. An dat heescht awer och Aarbechtsvertrag, och bei deene Leit, déi a Wierklechkeet e Contrat d’entreprise hunn, also e selbststänneg Vertrag.

Hir aarbechtsrechtlech Situatioun ass awer net esou geschützt wéi bei engem Aarbechtsvertrag. Et gi keng minimal Kritären, weder wat d’Rémunératioun ugeet nach wat d’Aarbechtszäiten ugeet, och zum Beispill maximal Aarbechtszäiten am Dag. A mir mengen duerfir, dass et dréngend noutwendeg wier, eigent-

lech de Statut, besonnesch vun den Intermittents du spectacle, an déi domadder verbonne sozial Rechter méi no un de Statut erunzeféiere vum Salarié, wéi se dat haut sinn.

Dat geschitt awer eendeiteg net mat deem heite Gesetz. An iwwreg bleift e Gesetz, dat zwar par rapport zu enger éischter Fassung entschärfert gouf, wat awer, menge mir, nach ëmmer net adaptéiert ass oder nach ëmmer net ganz adaptéiert ass un déi sozial Realitéit vun deene Leit am Land. An et sinn der awer eng ganz Partie, déi zum kulturelle Räichtum hei bäidroen.

Wann een dann och nach gesäit, dass den Akaf vu Konschtwierker beim Bau vun effentleche Gebaier hei an dësem Gesetz plafonéiert gëtt oder de Plaffong erofgesat gëtt, da komme mer erëm eng Kéier op déi Diskussioun zréck, déi mer hei an der Interpellatioun haten iwwert d’Kulturpolitik vun der Regierung, der Diskussioun vum Routstëft a vun der Onugepasstheet vun esou enger Politik vum Routstëft, besonnesch an esou engem evolutiven, kreative Milieu wéi deem vun de Kënschtler a vun den Intermittents du spectacle.

Duerfir menge mer, dass trotz Verbesserungen dëst Gesetz nach ëmmer net ganz der Situatioun vu ville Kulturschaffende Rechnung dréit, an duerfir wäerte mer eis och als Lénk hei enthalten.

Ech hätt awer nach eng Fro ze stellen, wann Der erlaabt, Här President, Madame Presidentin - ech gesinn, de President sëtz do -: Et ass hei d’Fro opgeworf gi vun der Lady Rosa of Luxembourg. Dat ass jo déi Statu vun där schwangerer Fra, déi am Fong geholl de Pendant war eng Zäit laang zu der Gëlle Frau, déi jo och effektiv e wichtegt nationaalt Symbol war, Statu, déi vill kritiséiert ginn ass, besonnesch a konservative Milieuen.

Wann ech hei gesinn, dass déi elo op eemol an d’Géigend vu Pornografie soll geréckelt ginn, da froen ech mech awer, wat do gemengt ass. Wat ass domat gemengt?

Ech wëll iwwregens soen, deem, deen dat hei opgeworf huet: Et ass eng schwanger Fra!

► **Une voix.** - Se ass och plakeg.

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).** - Mir waren an enger...

Jo, déi ass zwar plakeg, mä et ass eng schwanger Fra. Dann, wëll ech emol... An déi aner och iwwregens, an déi aner ass iwwregens zu hirer Zäit och ganz staark kritiséiert ginn, vun deene selwechte konservative Milieuen, well se net vill unhat.

► **Une voix.** - Jo.

(Brouhaha)

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).** - An, et ass eng schwanger Fra, wëll ech soen hei. Da gëtt hei eng schwanger Fra an d’Géigend vu Pornografie geréckelt vum Här Kartheiser, deem, deen an der Diskussioun iwwert d’Interruption volontaire de grossesse hei Saache vertrat huet, déi net ze vertriebe sinn. Op eemol ass och eng schwanger Fra pornografesch.

Ech verstinn elo nach besser wéi virdrun, wéi deen Här, deen dat gesot huet, a Wierklechkeet gestréckt ass.

Ech soen lech Merci.

(Brouhaha)

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Fait personnel!

► **Une voix.** - Très bien!

Mme Simone Beissel, Présidente de séance. - Merci, Här Urbany. Här Kartheiser, Fait personnel.

(Interruptions)

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Madame Presidentin, ech soen lech villmools Merci fir déi Geleeënheet, déi ech kréien, an Applikatioun vum Reglement iwwert de Fait personnel hei op eng Bemierkung ze äntweren, déi e Kolleg hei gemengt huet missen ze maachen.

Ech wëll dat ganz sachlech maachen, well ech mengen, dat ass déi beschte Manéier, fir sech mat Saachen ausereneenzen, déi e bësschen aus der Wierklechkeet..., déi mat der Wierklechkeet net vill ze dinn hunn.

Ech hunn d’Gesetz hei zitéiert, esou wéi mer et haut stëmmen. Bon, déi Lénk enthalte sech, all déi aner stëmmen dat, wou drasteet, datt dat Gesetz net applikabel ass..., an da kënn eng laang Enumeratioun vu Saachen, do steet als Allereischt „Œuvres pornographiques“. Ech hunn dat Gesetz net geschriwwen. D’Regierung huet et geschriwwen. An ënner anerem steet do weider an deem Paragraph, datt och Œuvres net éligibles sinn, déi géint den Ordre public et aux bonnes mœurs sinn. An dat steet am Gesetz.

An ech hunn als Beispill dovunner gesot, datt menger Iwwerzeegung no eng Œuvre, déi

géint den Ordre public verstéisst, eng ass, déi d’national Symboler oder déi national Monumenter beleidegt oder eng, déi géint d’bonnes Mœurs verstéisst, zum Beispill eng Œuvre als Beispill, fir datt och jiddwereen dat sech ka virun Ae féieren, eppes wéi Cloaca, wat mer awer am Mudam elo an der leschter Zäit da méi dacks hu misse kucken - oder fir déi, déi et wollte kucke goen.

Dat ass dat, wat ech hei gesot hunn. An ech hunn also net, wéi hei behaupt gëtt, eng schwanger Fra an d’Géigend vun der Pornografie geréckelt. Och wann dat hei an dësem Gesetzesparagraph eventuell iwwer verschidde Gedankonstruktiounen a Spréng, wéi Dir se maacht, Här Urbany, kéint konstruéiert ginn, et ass awer net de Propos gewiescht vun deem, wat ech gesot hunn.

Datt Der dann iwwert d’Ofdreiwung schwätzt, dat éiert lech, well effektiv huet eng schwanger Fra eppes mat Ofdreiwung ze dinn.

(**M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.**)

Dat ass eppes, wat dacks vergiess gëtt an där Debatt. Mä ech ginn elo net dorobber an, well et ass net d’Zäit an net d’Plaz an net dat Gesetz, wou mer sollen doriwwer schwätzen. An ech hunn lech jo versprach, datt mir als ADR ganz seriö a sachlech op déi do Saach äntweren an net polemisch an net onsachgeméis, wéi Dir et gemaach hutt.

Merci.

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).** - „Entartete Kunst“, mir hu verstanen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Domat si mer um Enn vun der Diskussioun ukomm an d’Wuert huet d’Madame Kulturministeresch Maggy Nagel.

Prise de position du Gouvernement

► **Mme Maggy Nagel, Ministre de la Culture.** - Här President, Dir Dammen an Dir Härren Deputéierten, mer hunn et héieren, de Gesetzesentwurf gouf vu menger Virgängerin déposéiert a war als solches ee vun den éischten Dossier, mat deenen ech mech als Kulturministeresch konnt ausenanesetzen. An et ass mer wichteg gewiescht, hei de Programme gouvernemental, fir deen emol erëm eng Kéier ze zitieren, trei ëmzesetzen.

Ech wëllt op dës Plaz just dräi Punkten aus dësem Programm zitieren. Éischters: «La politique doit être à l’écoute des milieux culturels.» Zweetens: «Après les investissements considérables des dernières années dans les infrastructures culturelles, il importe maintenant de promouvoir activement les artistes, leurs œuvres et leurs créations. Il s’agit de remettre les artistes au milieu de la scène culturelle.» An drëtzens: «Il est très important d’améliorer considérablement la protection sociale des artistes et des travailleurs culturels, que ce soit pour l’assurance maladie, la retraite ou l’indemnité de chômage. Le Gouvernement veillera à la mise en œuvre rapide de la nouvelle législation concernant le statut de l’artiste professionnel indépendant et de l’intermittent du spectacle, tout en y apportant des amendements mieux en phase avec la réalité des professionnels sur le terrain.»

Et ass mir also net drëms gaangen, de Projet de loi 6612 eleng ze iwwerschaafen, mä dëst ze maachen, andeems op de kulturelle Secteur gelauschert gëtt an andeems ni aus den Ae verluer gëtt, datt et an dësem Projet de loi drëms geet, déi Kulturschaffend, den Artist respektiv den Intermittent an de Mëttelpunkt ze stellen an hinnen déi beschtméiglech Rahmbedéngungen ze ginn.

An deem Sënn hunn ech den 1. August dëst Joer 19 Amendementen déposéiert, déi dës Démarche Rechnung droen, andeems si ausgeschafft goufen, nodeems d’Avisé vun de repräsentativen Associatiounen vum Secteur gefrot goufen, zum Beispill den Theaterfederatiounen, den Associatiounen vum Secteur wéi zum Beispill der ULPA, der Association des artistes plasticiens, an Associatiounen vun Intermittent wéi der ALTA a LARS, mä awer och vun de Chambres professionnelles.

Erauskomm ass e Gesetzesentwurf, deen, menger Usicht no, en Équilibre duerstellt tëschent, engersäits, d’Kultur ze fërden an awer och, anersäits, de Kulturschaffenden ze fërden. An deem Sënn ass och an dësem Gesetzesentwurf net méi Rieds vun engem Kënschtlerstatut, mä vu Sozialmesuren, well den Objekt ass net, fir de Kënschtler an e Statut eranzzewéngen, mä vill méi him a méi schlechten Zäite punktuell finanziell ze hëllefen an him esou ze erméiglechen, sech voll a ganz op säin artistesch Schaffen ze konzentréieren.

Weiderhi bliwen d’Dispositiounen iwwert d’Bourse fir d’Kënschtler am Gesetz. D’Bourses d’aide à la création, au perfectionnement et au recyclage, déi bleiwe bestoen an et soll an

engem nächste Schrëtt gekuckt ginn, wéi een dës Bourses, Subside vum Ministère an d’Aid vum FOCUNA méi kloer a méi transparent kann organisieren.

Ech wëllt dann elo op déi Haaptpunkte vun dësem Gesetzesentwurf, esou wéi e vun dëser Regierung amendéiert gouf, agoen. D’Rahmbedéngungen vun den Artisten a vun den Intermittent gi verbessert, andeems d’Période d’activités - also déi Period, bei där de Kënschtler eng Rëtsch Bedéngungen muss erfüllen, fir iwwerhaupt an de Genoss vun de Sozialhëllefen ze kommen - am Fall vun engem Congé de maladie vu méi wéi engem Mount, engem Congé de maternité oder parental suspendéiert gëtt. Esou hunn dës Persounen genau déiselwecht Zäitspan, fir d’Konditiounen ze erfüllen, wéi all déi aner och.

Weiderhi gëtt d’Professionalisatioun vun den Artisten ënnerstëtzt, woubäi awer déi ëmstridde Konditiounen vun enger Progressioun vun 10% vum Akommes an deem Suivi vu Mesures d’accompagnement fir de Renouveau vum de Sozialhëllefen, nodeems en Artist zwee Joer vun de Sozialhëllefe benefisziéiert huet, ofgeschafft ginn.

Et gouf awer bäibehalen, datt den Artist souwuel bei der éischter Ufro ewéi beim Renouveau vum de Sozialhëllefe bewiese muss, datt hie véiermol de soziale Mindestloun fir net qualifizéiert Aarbechter, dat heescht 7.644 Euro, am Joer virun dëser Ufro au titre vu senger artistescher Aktivitéit verdéngt huet. Des Weidere muss hien och d’Preuve vun dëser artistescher Aktivitéit virleeën duerch artistesch Projekte wéi Ausstellungen, Concerten, Liesungen an esou weider.

Och wann déi initial gewënschte Professionalisatioun domadder net esou wäit geet ewéi ursprénglech virgesinn, esou ass awer kloer, datt d’Admissioun an de Genoss vun de Sozialhëllefen ënner dësem Gesetzesentwurf keen Automatismus wäert ginn, mä ëmmer eng gewësse Leeschtung vum Artist voraussetzt.

An dësem Sënn ass och de staark kritiséierten Titre d’artiste duerch d’Amendementen ofgeschafft ginn. Och, a virun allem, well dës kee kloert Recht virgesäit, mä am Fong purement honorifique war. En huet de Rôle vum Kënschtler och net valoriséiert, well d’Konditiounen dofir ze breet ugeluecht waren, an huet au final dat artistesch Schaffen hei zu Lëtzebuerg net no vir bruecht.

De jonken diploméierten Artiste gëtt weiderhin de Passage vun de Studien an eng artistesch Aktivitéit vereinfacht. Esou muss si zum Beispill déi Konditiounen am Joer, ier si Sozialhëllefen ufroen, fir véiermol de soziale Mindestloun mat hirer artistescher Aktivitéit verdéngt ze hunn, net erfüllen.

Allerdéngs kënnen si net scho sechs Méint nom Enn vun hire Studien d’Sozialhëllefen ufroen, mä eréischt zwielef Méint duerno. An dës Zäitspan vun engem Joer schéngt eis adaptéiert ze sinn. A mir wëllen net dorunner ännere goen, fir datt dës jonken Diploméierte sech als Artist bewiese kann a sech och sécher ass, datt hien an dësem Métier wëllt weider Fouss faassen, oder well de Choix vum Kënschtlerberuff oft net nëmmen e Choix vun engem Beruff, mä och vun engem Choix de vie ass.

Weiderhi gëtt d’Mobilitéit vun den Artisten an den Intermittenten an dësem Gesetzesentwurf ënnerstëtzt. Esou ass déi initial Condition de résidence opgrond vun enger Opposition formelle vum Statsrot ofgeschafft ginn - dëst, et ass schonn ernimmt ginn, well se contraire zum europäesche Prinzip vun der Gläichbehandlung vun europäesche Bierger war - an duerch eng duebel Konditioun ersat ginn, an zwar, éischters, d’Affiliatioun zu der Lëtzebuerger Sécurité sociale sechs Méint virun der Demande fir Sozialhëllefen, an, zweetens, den Engagement an der artistescher a kultureller Zeen vu Lëtzebuerg.

Duerch dës duebel Konditioun gëtt séchergeallt, datt, éischters, en Artist...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Wann ech gelift.

► **Mme Maggy Nagel, Ministre de la Culture.** - ...oder Intermittent, deen d’Sozialhëllef ufreet, eng professionnell kënschtlerscher Aktivitéit zu Lëtzebuerg huet, an dëst engersäits duerch de formelle Lien vun der Affiliatioun an duerch dee méi reelle Lien vun engem Engagement an der Lëtzebuerger Kulturzeen duerch artistesch Projekten, Concerten, Expositionen; datt Lëtzebuerg net iwwerschwemmt gëtt vun eventuellen Demanden vun Non-résidents, an, gläichzäiteg, datt de jeeweilegen Artist oder och Intermittent awer eng Aktivitéit am Aus-



land kann hunn, soulaang dëst eng direkt oder indirekt Retombée fir Lëtzebuerg huet.

D'Mobilitéit vun den Intermittentë gëtt des Weideren ënnerstëtzt, andeems se net méi wéi bis elo prioritairement zu Lëtzebuerg oder fir eng hei zu Lëtzebuerg domiciliéiert Entreprise mussen schaffen.

De Prinzip vun der Gläichbehandlung tëschent Artisten an Intermittenten ass op verschidde- nen Niveauen vum Gesetzesentwurf agefouert ginn. An notament sinn elo d'Artisten an d'Intermittenten, éischstens, darselwechter Condition d'affiliation ënnerworf.

Zweetens, se mussen allen zwee op hir Sozial- hëllef Steiere bezuelen. Effektiv ass d'Exem- ption fiscale vun de Sozialhëllef vun den Artis- ten, déi bis elo bestoung, suppriméiert ginn.

Drëtzens, se mussen allen zwee beweisen, datt hir kënschtlersch Aktivitéit véiermol de soziale Mindestloun fir net qualifizéiert Aarbechter am Joer virun hirer Demande abruecht huet. Da kréie se allen zwee Sozialhëlfe an Héicht vum soziale Mindestloun fir qualifizéiert Aar- bechter. Bis elo ass bei deenen Hëllef fir d'In- termittenten ëmmer den Ënnerschied ge- maach ginn, ob si am Joer virun hirer Demande méi oder manner wéi de qualifizéierte soziale Mindestloun verdéngt haten. An dëse Prinzip ass elo opgehuewe ginn. An, zum Schluss: Si kënnen allen zwee zimlech deeselwechte Maxi- mum vu Sozialhëllef kréien.

Finalement stinn an dësem Gesetzesentwurf awer och Mesuren, déi an engem Zukunftspak hätte kënnen stoen. Esou gëtt de maximale Seuil fir d'Commande publique vun 800.000 op 500.000 Euro erofgesat. Net, well mer dat er- fonnt hunn, mä well dat an der Regel bei deene Commanden, déi bis elo gemaach gi sinn, ni iwwert déi 500.000 an de leschte Joren erausgaangen ass. Och wann dës Commande publique e weidert wichtegt Instrument vun der Kulturpolitik bleiwe soll, därer een och hei net den Objektiv vun der Reduktioun vun de Statsdépense vergiessen.

Als Konklusioun kann ee soen, datt mir och wei- derhin ee mat deene favorabelste Regimer an Europa a vläicht souguer op der Welt hunn, wat d'Sozialhëlfe vun den Artisten an Intermitten- ten ugeet, andeems mir déi Acquisen, déi am Gesetz vun 1999 stoungen - de Prinzip vun de Sozialhëlfe, Bourse, Aide à la création, Com- mande publique -, bäibehalen hunn an un d'Realitéten an d'Besoinen vum kulturelle Secteur ugepasst hunn: méi Mobilitéit, méi Professionali- sation a méi Ënnerstëtzung fir déi Jonk.

Nach ze bemierken ass, datt et schonn e Groupe de travail gëtt, wou all eis Subsidien a Bourssen diskutéiert ginn a wou driwwer disku- téiert gëtt, fir se nei ze organiséieren, a mer och versichen, eng zentral Ulafstell ze schafen, an datt mer op där Plaz och herno kloer Kritä- ren a Prioritéite festhalen, wat soll ënnerstëtzt ginn, an alles dat soll an deem Groupe de tra- vail a kuerzer Zäit och ausgeschafft ginn.

Dem Här Kartheiser wëll ech soen, datt d'Pro- jets de règlement grand-ducal an d'Fiche finan- cière an d'Statistiken an der Kommissioun aus- gedeelt gi sinn. Meng Leit setzen zwar douwen, Dir kënnt gären eng Kopie dovunner kréien.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Dat ass léif.

► **Mme Maggy Nagel**, *Ministre de la Cul- ture*.- Dat ass kee Problem.

An domadder sinn ech um Schluss ukomm. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Merci fir déi - wéi ech héieren - breet Ënner- stëtzung fir dëse Projet de loi. An domadder wier ech dann um Schluss ukomm.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci der Madame Minister. Mir géifen dann direkt zur Ofstëmmung iwwert den Ensemble vum Projet de loi 6612 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6612 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un an ass schonn ofgeschloss. De Projet 6612 ass mat 58 Jo- Stëmme bei 2 Enthaltungen ugehall.

Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Fé- lix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Nancy Arendt) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdig, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Barto- lomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox (par Mme Viviane Loschetter), Mmes Josée Lorsché, Vi- viane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Justin Turpel et Serge Ur- bany.

Ech ginn dervun aus, dass d'Enthalunge moti- véiert sinn.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete verfassungsméisseg Vote ze ginn?

(**Assentiment**)

Dann ass dat esou décidéiert.

Motion 1

Mir sinn nach mat enger Motioun vun der ho- norabeler Madame Octavie Modert am Numm vun der CSV saisiéiert.

Kann ech dovunner ausgoen, dass déi moti- véiert ass?

► **Une voix**.- Jo!

(**Interruptions**)

► **Mme Octavie Modert** (CSV).- Ech géif et och gutt fannen, wann...

► **Mme Maggy Nagel**, *Ministre de la Cul- ture*.- Soll ech eppes dozou soen?

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Jo, wann Der wëllt, Madame Minister.

► **Mme Maggy Nagel**, *Ministre de la Cul- ture*.- Jo, Här President, Dir Dammen an Dir Hä- ren, esou wéi et aus menger Ried erauskomm ass, ass dee Punkt - ech fänke bei deem zwee- ten un - jo méi wéi erkläert, datt mer do der Meinung sinn, datt mer mussen bei zwielef Méint bleiwen.

A wat den éischte Punkt ugeet, och do erkläert, wat ech gesot hunn an der Ried, datt souwéi- sou et virgesinn ass, fir dat Ganz net nëmme- no zwee Joer, mä regelméisseg ze evaluéieren, well mer schonn am Ministère Diskussiounen féieren notament am Kader och vun deene Subsidien a vun deene Bourssen, datt mer ku- cken, wéi dat Gesetz elo uleeft, an nach eng Kéier wäerten opmaachen, fir op verschide Punkten dann ze reagéieren.

An duerfir sinn ech der Meinung, datt dës Mo- tioun superfétatoire oder - wéi soll ech soen? - sans objet wier, soudatt ech der Meinung sinn, datt d'Chamber déi Motioun hei net bräicht ze akzeptéieren.

Merci.

► **Une voix**.- Très bien!

► **Mme Octavie Modert** (CSV).- Madame, Dir hutt elo grad gesot, Dir géift souwéi sou evaluéieren. Da kënnt Der jo d'Motioun unhue- len.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Wei- der Wuertmeldungen zur Motioun? Den Här Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Jo, Här President, nodeems mer virun der CSV noge- lauschtert hunn an elo den Erklärungen och vun der Madame Minister, muss ech awer soen, datt d'ADR déi Suere vun der CSV hei an dësem Punkt deelt an datt mer déi Motioun kënnen mat ënnerstëtzen, wa se zur Ofstëm- mung kënnt.

Villmools Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Keng weider Wuertmeldungen?

(**Négation**)

Da géife mer d'Motioun zum Vote stellen.

Vote sur la motion 1

Déi, déi derfir sinn, stëmme mat Jo. Déi, déi dergéint sinn, stëmme mat Nee.

► **Une voix**.- Dir musst dat nach eng Kéier soen.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Ech mengen, Dir hutt dat ganz gutt verstanen.

(**Hilarité**)

Dat geet séier haut. D'Ofstëmmung ass schonn ofgeschloss.

(**Hilarité**)

Also 28-mol Jo, 32-mol Nee. Domat ass d'Mo- tioun ofgelehnt.

Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Fé-

lix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Fran- çoise Hetto-Gaasch) et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdig, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Ro- ger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox (par Mme Viviane Loschetter), Mmes Josée Lorsché, Vi- viane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Mir géifen zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen, an do geet et ëm de Projet de loi 6525 iwwert de Gebrauch vu Pestizide respektiv, wéi een dat op Lëtzebuergesch géif soen, Sprézmëttelen. An de Rapporteur, den honorabelen Här Gusty Graas, ass schonn am- gaangen hei unzestiermen an huet och direkt d'Wuert.

5. 6525 - Projet de loi relatif aux produits phytopharmaceutiques - transposant la directive 2009/128/CE du Parlement européen et du Conseil du 21 octobre 2009 instaurant un cadre d'action communautaire pour parvenir à une utilisation des pesticides compatible avec le développement durable; et - mettant en œuvre certaines dispositions du règlement (CE) n°1107/2009 du Parlement européen et du Conseil du 21 octobre 2009 concernant la mise sur le marché des produits phytopharmaceutiques et abrogeant les directives 79/117/CEE et 91/414/CEE du Conseil

Rapport de la Commission de l'Agriculture, de la Viticulture, du Développement rural et de la Protection des consommateurs

► **M. Gusty Graas** (DP), *rapporteur*.- Merci, Här President. Dir Dammen, Dir Hären, Ma- dame Minister, Här Minister, spéitstens nom Accident vum leschte 17. September bei der belscher Uertschaft Witry, wou de phytophar- mazeutesche Produit Métaazachlore an d'Baach Moyémont gelaf ass, ass jo d'Diskussioun iwwert d'Notze vun de Pestiziden erëm relan- céiert ginn. Doropshi gouf jo eng Rei Analysen, och an eise Gewässer, gemaach. An et gouf jo festgestallt, datt et, leider, eng ganz Rei Réck- stänn vu Pestiziden an diverse Gewässerleef gëtt.

Et ass awer kloer ënnerstrach ginn, datt u sech keng direkt Gefor fir d'Dränkwaasser géif be- stoen, mä den héijen Undeel vu Pestizide soll eis awer trotzdem appelléieren, fir erëm eng Kéier déi ganz Diskussioun am Fong ze féieren. An dofir ass jo dee Projet de loi vun haut u sech elo zum richtege Moment komm, well et eben haut drëms geet, fir d'Notzen an de Gebrauch vu Pestiziden nei ze reglementéieren.

Et ass e Projet de loi, dee schonn de 14. Dezember 2011 hätt missen ëmgasat ginn. Mir risquéieren also erëm eng Kéier, och vu Bréissel hei mam Ouer gezunn ze ginn, wann dee Pro- jet net esou séier wéi méiglech elo hei zrëckbe- hale gëtt, an dowéinst huet dann och eis Kom- missioun sech intensiv an deene leschte Méint mat dësem Projet de loi befaasst. An zwar si mer elo praktesch ee Joer amgaangen.

Net méi spéit wéi den 11. Januar 2014 hu mer de Projet du fir d'Éischt an eiser Kommissioun diskutéiert, dee wum fréiere Landwirtschafts- minister, dem Här Romain Schneider, den 11. Ja- nuar 2013 déposéiert gi war. Den 30. Januar 2014 gouf dann de Projet de plan d'action na- tional «pesticides» och vum Här Minister a senge Mataarbechter presentéiert, an ech wäert och hei nach eng Kéier op dee Plang do zrëckkommen.

Virun allem war et awer den éischten Avis vum Conseil d'État, deen derzou gefouert huet, datt deen originalen Text praktesch ganz op d'Kopp gestallt ginn ass. Dat war den Avis vum 4. Juni 2013, net nëmme, well zwielef Oppositions formelles dra waren, mä virun allem awer och, well de Conseil d'État eng ganz Rei Problemer

mat Texter hat. Mir hunn als Kommissioun och deenen Awänn Rechnung gedroen a mir hunn awer och gläichzäiteg eng Rei eegen textuell Adaptatiounen virbruecht.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Asaz vu phytopharmazeutesche Produkter, oder Sprézmëttel op Lëtzebuergesch, wéi de President scho gesot huet, virun allem d'Pestizi- den, do muss een nämlech eng Differenz ma- chen, ass natierlech keen neie Phenomeen. D'Mënschheet gebraucht schonn zënter Jor- honnerte Pestiziden, zwar net an deem Mooss, wéi dat haut de Fall ass, mä si hunn natierlech ëmmer versicht, fir Schädlingen am Planzebau ze bekämpfen.

Et war 1962, wéi déi amerikanesch Biologin Ra- chel Carson mat hirem Buch „Silent Spring“ u sech drop higewisen huet, wat awer och d'No- deeler vun engem iwwerméissegem Notze vu Pestizide ka sinn, an dat Buch huet u sech 1972 zum Verbuert vum DDT gefouert an Amerika. Dat war een Insektizid, dee virun allem och um Ufank vum Zweete Weltkrich intensiv genotzt ginn ass.

Wann een dann d'Diskussiounen ëm de Vote vun de Projet de loi aus dem Joer 1968, méi spezifesch vum 20. Februar 1968, iwwert de Contrôle an d'Notze vu Pestiziden analyséiert, da fënnt ee ganz schnell eraus, datt sech och zu deem Zäitpunkt scho Gedanke gemaach gouf, wat awer och d'negativ Konsequenze vun engem iwwerméissegem Gebrauch vu Pesti- zide kënnen sinn. An et huet een och erausgespuert, datt och deemools déi ganz Matière awer schonn ëmstridde war.

Hei zu Lëtzebuerg ass jo dann, wéi gesot, déi aktuell Base légale d'Gesetz vum 20. Februar 1968 an de modifizéierte groussherzogleche Règlement vum 14. Dezember 1994. 2009 kounn dann um europäeschen Niveau ganz vill Bewegung an déi Diskussioun, well dann de Pestizidepak zrëckbehalen ginn ass. Dee Pak, deen huet sech engersäits zesummegeat aus dem Règlement N°1107/2009 vum Euro- päesche Parlament an dem Conseil vum 21. Oktober 2009 an der Direktiv 2009/128 vum Europäesche Parlament an dem Conseil, och vum 21. Oktober 2009. Déi europäesch Texter do, déi sinn am Fong geholl d'Basis elo vun deem Text, vun deem Projet de loi, dee mer lech haut hei presentéieren an deen och herno dann zur Ofstëmmung wäert kommen.

Et gëtt also een neie juristesche Kader elo ge- schafen, fir eben an Zukunft dann den Émgang mat de Pestiziden oder mat de phytopharma- zeutesche Produkter nei ze regelen.

De Moment gëtt et hei zu Lëtzebuerg 530 där Produkter, déi autoriséiert sinn. Dësen Agré- ment gëtt ausgestallt op Basis vun engem Avis, dee vun enger Kommissioun festgehalen gëtt. An ech wëll och direkt hei ënnersträichen, datt d'Zesummesetzung vun där Kommissioun och duerch dëst Gesetz nei geregelt gëtt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, er- laabt mer vläicht kuerz, op déi wichtegst Punk- ten aus dësem Gesetz anzegoen. Ee grouss Gewiicht gëtt virun allem op d'Formation ge- luecht, ech mengen, eppes, wat mer alleguer nëmme kënnen begrëssen. Et ass wichteg, datt d'Akteuren déi néidegst Uleedungen kréien, wéi ee korrekt mat deenen dach gréisstendeels ge- féierleche Produkter kann ëmgoen. No dem Ofschloss vun där Formation kritt dann och all Participant en Zertifikat ausgestallt vum Land- wirtschaftsminister, deen eng Validitéit vu siwe Joer huet. Duerno kann een natierlech a soll een och natierlech eng Formation continue maachen.

Entbonne vun där Formation sinn am Fong geholl déi kleng Distributeuren, woubäi awer och den Appell virun allem un déi geet, well se jo am Fong geholl méi mat der Clientèle aus dem netberuffleche Secteur ze dinn hunn, dass se awer och do sollen déi néideg Informatiounen weiderginn an d'Notzer vun de Pestiziden drop opmierksam maachen, wat fir Geforen awer och do kënnen entstoen.

E weidere Schwiéerpunkt vun dësem Gesetzes- projekt, ech war scho virun kuerz drop agaangen, ass natierlech dann den nationalen Aktionsplang, wat d'Notze vu Pestiziden ube- laangt. Dëse Plang gëtt vun dem Regierungsrot arretéiert a gëtt dann der Europäescher Kom- missioun zougestallt. Dee Plang muss och all fënnf Joer ugepasst ginn. An dat erlaabt dann och, Consultatiounen mat deene concernéierte Kreesser ze féieren.

D'Hauptobjektiver vun dësem Plang sinn na- tierlech och d'Reduktioun vun de Pestiziden, respektiv awer och op d'Risiken hiweisen, déi kënnen fir Mënsch an Ëmwelt entsto.

Da soll dee Plang hei awer och de Bauere virun allem Uleedungen ginn, fir méi rationell mat de Pestiziden ëmzegoen an doduerch u sech och u Kompetitivitéit ze wannen. Dee Plang hei ali- gnéiert sech dann awer och op aner commu- nautaire Dispositiounen, virun allem am Waas-